N°2338
Entrée le 17.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, ob d'parlamentaresch Fro Nr. 2338 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen**

1. **Wéi vill Beamt:innen assuréieren dëse Service a wéi vill Aarbechtsstonne vum Personal si fir de Service virgesinn (ETP)?**

De Service d'accueil et d'information juridique (SAIJ) ass verwaltungstechnesch un de Parquet général rattachéiert. Den SAIJ gëtt assuréiert duerch Agente vum Parquet général, déi de Procureur général d'État designéiert, mee och vun Affekoten, déi vum Bâtonnier designéiert ginn.

Aktuell sinn dräi Beamte vum Parquet général en charge vum SAIJ, dovun zwee Posten als temps plein an ee Posten als mi-temps. D'Woch iwwer assuréieren si den Accueil an der Cité judiciaire (Stad Lëtzebuerg). Wärend engem ganzen Dag mécht ee Beamten den Accueil zu Dikrech.

Den Accueil gëtt en présentiel, mat oder ouni Rendez-vous, organiséiert an och iwwer Telefon an Email. Déi zoustänneg Beamten orientéieren d'Bierger bei déi zoustänneg Autoritéiten a Servicer. Sie maachen awer keng personaliséiert juristesch Berodung. Sie schreiwen och keng Akte fir eng Geriichtsprozedur.

Dräi Affekoten assuréiere Samschdes moies den Accueil an der Cité Judiciaire (Stad Lëtzebuerg). Een Affekot mécht den Accueil Freides nomëttes um Bezierksgeriicht Dikrech. Den Accueil duerch d'Affekote gëtt exklusiv en présentiel ugebueden. D'Affekote ginn den interesséierte Bierger Informatiounen iwwert hir Rechter an hir Méiglechkeete fir hir Rechter anzekloen.

Zousätzlech steet Mëttwochs moies ee Magistrat oder ee Justizréférendaire dem Bierger zu Verfügung fir Froen am Beräich vum Familljerecht ze beäntwerten. Den Accueil ass exklusiv en présentiel an der Cité judiciaire (Stad Lëtzebuerg).

2. **Wéi vill Bierger:innen hunn de Service an de vergaangenen 3 Joren an Usprooch geholl (opgeschlësselt pro Joer, pro Geriicht a pro Domaine (civil, pénal, travail, bail à loyer)?**

De Service d'accueil et d'information juridique (SAIJ) huet dem Justizministère follgend Statistiken iwwert d'Unzuel vun de Consultatiounen iwwermëttelt.

| | | 2020 | | 2021 | | 2022 | | 2023[1] | | 2024[2] | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | LU | DK | LU | DK | LU | DK | LU | DK | LU | DK |
| **Total des consultants** | | **6 447** | **653** | **5 875** | **525** | **5 718** | **503** | **5 404** | **NA** | **6 435** | **78** |
| *Sexe* | *Hommes* | *3 613* | *365* | *2 812* | *209* | *2 498* | *205* | *2 297* | *NA* | *2 819* | *45* |
| | *Femmes* | *2 834* | *288* | *3 063* | *316* | *3 220* | *298* | *3 107* | *NA* | *3 616* | *33* |
| *National.* | *Luxembourg.* | *1 413* | *356* | *1 576* | *315* | *1 307* | *300* | *1 019* | *NA* | *2 011* | *56* |
| | *Etrangers* | *5 034* | *297* | *4 299* | *210* | *4 411* | *203* | *4 385* | *NA* | *4 424* | *22* |

[1] Fir d'Joer 2023 ginn et keng Statistiken betreffend Dikrech, well de Büro deemools temporär zou war.
[2] De Büro zu Dikrech ass rëm op zënter dem 25.September 2024.

| | | 2020 | | 2021 | | 2022 | | 2023[1] | | 2024[2] | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | LU | DK | LU | DK | LU | DK | LU | DK | LU | DK |
| *Matières traitées* | *a) affaires civiles* | *343* | *83* | *389* | *52* | *354* | *32* | *335* | *NA* | *419* | *4* |
| | *b) affaires de bail à loyer* | *1 012* | *146* | *822* | *119* | *912* | *126* | *1 143* | *NA* | *2 014* | *44* |
| | *dont propriétaires* | *399* | *54* | *370* | *51* | *429* | *54* | *337* | *NA* | *603* | *13* |
| | *dont locataires* | *613* | *82* | *452* | *68* | *483* | *72* | *806* | *NA* | *1 411* | *31* |
| | *c) affaires de divorce / relatives aux JAF*[3] | *1 836* | *223* | *1 789* | *209* | *1 853* | *215* | *2 214* | *NA* | *1 613* | *5* |
| | *d) affaires pénales* | *504* | *23* | *375* | *25* | *218* | *21* | *193* | *NA* | *83* | *1* |
| | *e) affaires de droit du travail* | *2 175* | *153* | *1 887* | *89* | *1 704* | *82* | *1 519* | *NA* | *2 103* | *11* |
| | *f) affaires diverses* | *577* | *25* | *613* | *31* | *677* | *27* | *248* | *NA* | *203* | *13* |

3. **Wéi de Minister fir d'Fonction publique op d'Fro 1890 bestätegt, ass all selwer Ministère fir d'Servicequalitéit an d'Reklamatiounen a senge Verwaltungen zoustänneg.**
   **Gouf an de leschte Joren eng Evaluatioun vun der Qualitéit vun deem Service gemaach? Falls jo, kann d'Ministesch d'Resultater vun dëser Evaluatioun deelen?**

4. **Wéi de Minister fir d'Fonction publique op d'Fro 1890 bestätegt, ass all selwer Ministère fir d'Servicequalitéit an d'Reklamatiounen a senge Verwaltungen zoustänneg.**
   - **Gouf an de leschte Joren eng Evaluatioun vun der Qualitéit vun deem Service gemaach?**
   - **Falls jo, kann d'Ministesch d'Resultater vun dëser Evaluatioun deelen? Wéi eng Verbesserungen wäerten am Service gemaach ginn, fir z'assuréieren, datt d'Bierger:innen déi néideg a richteg Informatioune kréien?**

D'Froen 3 a 4 iwwerschneiden sech gréisstendeels.

Zënter dem Joer 2022 existéiert eng Kommissioun mat der Missioun fir de Service d'accueil et d'information juridique (SAIJ) ze beroden (Règlement grand-ducal du 25 mars 2022 fixant le... - Legilux). Dës Kommissioun besteet aus Beamte vum Justizministère an Affekote vun de Barreaue Lëtzebuerg an Dikrech. Am Prinzip kommen d'Membere vun der Kommissioun zwee mol am Joer zesummen.

[1] Fir d'Joer 2023 ginn et keng Statistiken betreffend Dikrech, well de Büro deemools temporär zou war.
[2] De Büro zu Dikrech ass rëm op zënter dem 25.September 2024.
[3] Juge aux affaires familiales.

Zum Beispill huet dat dozou gefouert dass d'Unzuel vun Affekoten, déi samschdes an der Stad Lëtzebuerg de Service leeschten, eropgesat ginn ass. Och zu Dikrech ass de Service eropgefuer ginn, aktuell kënnen do 14 Leit pro Woch mat engem Affekot schwätzen. Ee Beamte vum Parquet général ass och erëm zu Dikrech aktiv, an dat wärend engem Dag pro Woch.

Lëtzebuerg, den 17. Juni 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue